

## Compte-rendu *RÉUNION* Commission *consultative relations publiques*

### Gemeng Helperknapp

---

Den 03.03.2021 um 20:00 Auer an der Koll zu Brouch ( Reunioun 1 /2021 )

Rapport: Nathalie Simon

Present:

- Nicole Kuhn-Di Centa
- Nathalie Simon,
- Mariette Lux-Pepin
- Patrick Ludwig
- Paul Mangen

Excuséiert :

- Claudine Michels
- Joske Vosman
- Patricia Pick

Ordre du jour :

- 1. Elektioun vun engem President/in**
- 2. Suite Demande d’Avis (Mail Frank Conrad vum 19.02.2021**
- 3. Divers**

1. D’Kommissioun ass schonn eng Zäitlaang ouni President an de Paul Mangen proposéiert sech als eenzege fir dëse Posten. D’Nicole Kuhn-Di Centa, Vizepresidentin, iwwerhëlt de Punkt No. 1.

D’Membere vun der Kommissioun si sech eens, net per Vott Secret ze fueren a wielen de Paul Mangen unanime zum President vun der Kommissioun relations publiques.
--

De Paul Mangen kritt vun all de Memberen felicitéiert, an d’Nicole Kuhn-Di Centa bemierkt datt hien den ideale President ass, vu seng enorm Erfahrung.

De Paul Mangen presidéiert d’Reunioun no dem Punkt 1.

D'Kommissioun stellt fest, dass opgrond vun Demissionen nach keen neien Opruff gemaach ginn ass säitens der Gemeng. Et wär wichtig, nei Leit ze rekrutéiere fir d'Kommissiounen ze kompletéieren.

2. De Buergermeeschter Frank Conrad huet den 19.02.2021 e Email geschéckt pour Avis un d'Kommissioun

D'Kommissioun geet d'Noriicht punkt fir Punkt duerch :

- ***FC : Wéi gesitt dir d'Roll a virun allem Thema vun ärer Kommissioun ?***

Vu dass de Gemengerot d'Kommissiounen an d'Liewe geruff huet, ënnertläit d'Kommissioun dem Gemengerot an net dem Schäfferot.

Allgemeng gëtt méi Matsproocherecht gefuerdert. Fir kënnen en Avis ze gi, funktionéiert dëst awer nëmme, wann de Schäfferot de Gemengerot informéiert an de Gemengerot der Kommissioun wichteg Informatiounen iwwert Projeten matdeele kann.

Dës Kommissioun huet schonn etlech Virschléi gemaach bspw. e Buet ze maache fir d'Politik an ee fir d'Aktiv Liewen an der Gemeng. Et freet d'Kommissioun, dass hir Iddi ëmgesat gouf.

<b>D'Kommissioun decidéiert unanime, e Rendezvous ze froen am Gemengerot, fir dës Punkt ze beschwätzen, dëst op Propos vum Paul Mangen.</b>
---

- ***FC : D'Gemeng huet en neien Internetsite opgesat, wat gëtt et wat dir nach gären drop oder geännert hätt ?***

D'Gemeng huet en neien Internetsite säit Ufank 2021.

D'Kommissioun bedauert et, iwwert esou Neierungen net a Kenntnis gesat ze ginn. Ëfters gëtt e vu Bierger dobaussen ugeschwat an et ass een net mol um leschte Stand vun den Informatiounen fir kënnen op Froen ze äntwerten.

<b>D'Membere vun der Kommissioun beschléissen zesummen sech an enger nächster Kommissioun dem Internetsite unzehuelen an doropshin hire Feedback ze ginn.</b>
---

- ***FC : Amplaz vum Neijoerschpatt, an am Sënn vun der Informatioun vun de Bierger, wëll de Schäfferot ee Video publizéiere fir Réckbléck an Ausbléck vun der Gemeng ze maachen. Dëst soll den Ufank si vu méi Videoen déi zu verschidden Themen iwwert d'Joer kënnen gemaach ginn. Ginn et ärer Meenung no wichteg Elementer déi een en Compte soll huelen ?***

D'Kommissioun felicitéiert zum Film, en ass professionell a gutt gelongen. Si begréisst d'Iddi - speziell während der sanitärer Kris ass et wichtig, op dës lieweg Form vu Kommunikatioun ze setzen. Och ass si der Meenung, dës Form vu Kommunikatioun bäizebehalen an eng Kontinuitéit dran ze bréngen. Et ass e flotten Outil, fir speziell d'Veräiner ze presentéieren, Eventer an Aktivitéiten ze belichten, Partnerschaften ze fleegen (z.B. Béiwen/Zechin. De Paul Mangen an de Patrick Ludwig bemierken a bedauern, datt si als Conseilleren net iwwer

dëse Film informéiert gi sinn an der Séance publique vum Conseil Communal vum 18.02.2021.

D'Mariette Pepin-Lux freet no, wou de Film publizéiert gouf.

De Film ass wëll um Facebooksite gepost ginn an et fënnt een en och um Internetsite vun der Gemeng.

Deemno gesäit wuel net all Bierger de Film an d'Fro vum Infokanal gëtt nees opgeworf. Problematesch bleiwt den Abo vum Utilisateur (Eltrona oder Post).

D'Nathalie Simon mengt, dass wann et am Gemengenhaus e Genre Receptioun/Salle d'attente gëif ginn, d'Filmer do kéint lafe während de Bierger op e Service waart.

Mir si gebieden eise Feedback op d'Email bis de 26. Februar eranzeschécken a ginn drun erënnert, dass et de meeting.helperknapp.lu gëtt fir sech ze begéinen.

D'Membere kritiséieren de kuerzen Delai. Et ass hinne wichtig, dass net jidder eenzelen säi Feedback gëtt mee dass d'Kommissioun eng geschlossene Réckmeldung gëtt, déi zesummen diskutéiert an ofgeschwat gouf. D'Memberen zéien eng physesch Reunioun vir. Et gëtt kee Grond, se digital ze maachen, vu dass et net schwiereg ass, d'Covid Mesuren anzehalen.

### 3. Divers :

Der Kommissioun ass et wichtig, dass de Bierger a Kenntnis gesat gëtt iwwert déi lafend Projeten an hire Status. Am Sënn vun der Transparenz, ass d'Kommissioun dofir, dass och Äntwerte vun de Ministère op Ufroe säitens der Gemeng publizéiere ginn. Wichtig ass och, wéi d'Ufroe vun de Bierger traitéiert ginn. Inclusioun ass en d'Thema wat soll eescht geholl ginn.

Laut de Membere vun der Kommissioun wär et gutt, d'Prise de photo vu Mariage/Partenariat ze iwwerdenken. Et gëllt eng gewëssen Netiquette anzehalen. Eventuell kéint een eng aner Plaz envisagéieren (manner an den Träpen), resp. sech anescht opstellen.

**Nächst Reunioun: 21. Abrëll um 19 :30**

(Thema Internetsite [www.helperknapp.lu](http://www.helperknapp.lu))